# 20 22

# DE FELIX

# IMPRESSUM


**EDITEUR**
Association des Cercles d'Étudiants
Luxembourgeois a.s.b.l. (ACEL)

2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

Tél.: (+352) 20 60 84 84
www.acel.lu | contact@acel.lu

**REDAKTIOUN**
ACEL-Comité

**KOORDINATIOUN**
Ann BERTEMES
Sarah LEGRAND
Laura MATHEIS

**GRAFIK, LAYOUT**
Alexandre LUONG

**FOTOEN**
ACEL-Comité
Louis EWEN
Lisa SCHWEIG
All Cerclen
Pixabay

**OPLAG**
200 Exemplairen

**DROCKDATUM**
Dezember 2022

# INHALTSVERZEECHNES


Virwuert ..... 01

Dem Felix säi Rätsel ..... 02

Dem Felix säi Gedicht ..... 03

ACEL's Joer 2022 ..... 05

- » ACEL's Joer 2022 am Iwwerbléck ..... 05
- » ACEL Kalenner ..... 06
- » ACEL Comité ..... 12

Intercerclen 2022 ..... 16

Evenementer 2022 ..... 20

- » Student fir 1 Dag ..... 20
- » De Studentebal ..... 23
- » Studentefoire ..... 24
- » REEL 2022 zu Heidelberg/Karlsruhe ..... 26



# VIRWUERT



**Hallo du!**

Schéin, dass du dës Säit fonnt hues an dech dofir entscheet hues, déi mol duerch ze liesen. Well wann een éierlech ass, wéi oft liest een dann iwwerhaapt Virwierder. Mee elo wou de scho bei bass, freeën ech mech, dass ech dech dobäi begleede kann.
De neie Felix an der Hand ze halen ass een Unzeechen dofir, dass erëm eng Kéier een ACELsjoer op een Enn gaangen ass; ee Joer, wat een amfong erëm no 2 Joer „normal" nenne kann, mee awer sécher net langweileg war. Dat Joer war gefëllt mat vill flotten Eventer, wéi Intercerclen/ Baler, d'REEL, ACELseventer bei deene ganz vill Häerzblutt hannendrun stécht mee natierlech och vill Aarbecht. An dofir bréngen mir och dëst Joer ee Felix eraus fir dir kënnen ee kuerze Réckbléck vum Joer ginn, wéi mir den als Comité erlieft hunn. Hei sinn awer och déi eng oder aner witzeg Geschichten an den Texter verstoppt, déi ee soss an eise méi seriö Publikatiounen net ze fanne sinn.
Leider heescht de Felix och, dass meng Zäit als Presidentin vun der ACEL op een Enn geet. Ech hunn a mengen 3 Joer am Comité vill bäigeléiert, vill erlieft a sinn och perséinlech gewuess. Ech hunn et souguer gepackt mat menger grousser Angscht virum Publikum ze schwätzen an der Table Ronde vun der REEL ze setzen, wat virun engem Joer een absolut Horrorgedanke war a bal Grond genuch war net déi Presidentschaft unzehuelen. Mee elo sinn ech hei a schreiwe mäi lescht Virwuert am Numm vun der ACEL a blécken zeréck op vill schéi Momenter, op déi vill Leit, egal op aus dem Comité oder vun engem Cercle, déi ech konnt kenneléieren a mat deenen ech zesummen un engem Zil schaffe konnt an ech sinn esou houfreg ze gesi wat fir Grousses mir, déi sech „just" benevole engagéieren, erreecht hunn an ereeche kënnen. An dofir soen ech jidderengem MERCI de mech op dësem Wee begleet huet an als Zil hat, dës Studentenwelt ee Stéckche besser ze maachen.


Wéi géif een Däitschen elo soen? „So!", d'Hänn op de Schouss klappen, opstoen a goen an ech hunn elo och genuch gesot. Dat war et dann och vu mir.

Ech wënschen dir awer nach ganz schéi Feierdeeg a vill Spaass beim Liese vum Felix!

**Polina Bashlay**
*dat coolsten an niewebäi nach Presidentin*

# DEM FELIX SÄI RÄTSEL

1. Wien aus der ACEL suergt fir ee Stroumausfall ?
2. Wien huet deen ganzen Mäerz Zäit fir d'ACEL?
3. Wou fënnt den Tournoi de Noël statt?
4. Wat war de Special Drink vu Karlsruhe um Studentebal?
5. Wéi een war dee gréissten IC am Joer 2022?
6. Den 5. Abrëll si mer am Kader vum Sf1D op Köln, München an ... gefuer?
7. Wien aus der ACEL Zelt gären?
8. Wien aus der ACEL ass op all IC dobäi?
9. Wien ass Mr. REEL ginn?
10. Wat war den neien ACEL-Gadget vun der Studentefoire?
11. Wou fënnt d'AG dëst Joer statt?
12. Wat studéiert d'Laura aus der ACEL?



ä = ae
ü = ue
ö = oe
ë = ee

Bréng eis den 27. Dezember (bis 12h00)um Tournoi de Noël däi Rätsel laanscht a gewann mat e bësse Chance 1 Meter Béier!

# DEM FELIX SÄI GEDICHT

Mat vill Corona hu mir an d'Joer gestart,
Deen hu mir elo wäit fort an den Eck geparkt.

E vollen Erfolleg war de Student fir 1 Dag.
Nieft dem Bus huet souguer och de Fliger eppes gedaacht.
Vill Mammen hunn eis gefrot,
Ëm hier Kanner Kleeder Rot.

Mat 2 Laptoppe si mir ronderëm gaangen.
A souguer mat 2 Megaphone ware mir um Pubquiz amgaangen.
Laang hu mer op eist Geseëffs gewaart,
Froe beäntwert bis et kraacht.

Um Studentebal am Juli war et ganz sonneg,
Vill Sonnecrème hu mir dofir gebraucht.
D'Freed op dëse Bal war ganz besonnesch,
Dofir si méi Leit opgetaucht.

REEL, dat war crazy, mam Fils vum Henri
Vill Remmidemmi, a kee sot sorry.
De ganze Weekend, Halli Galli,
Du war de Guillaume, rëm zréck bei d'Steffi.

Am Oktober war et nees esou wäit,
Den Elteren hir Froenzäit.
Op der Studentefoire si mir vill Guidë lass ginn,
D'Fondue misst um Belval bausse sinn,

En Tournoi de Noël mat Cider gëtt ganz sëffeg.
Vill Freed op de Saufpokal besonneg,
Um Geesseknäppche gëtt et rëm spasseg,
Wéieen Trainer gëtt ganz houffreg?

Ee Joer mat villen IC a Baler ass gläich eriwwer,
Wat dat nächst Joer bréngt dat gesi mer.

Text: Ann, Kimon


The bridge
to your freedom
SPUERKEESS.LU/axxess
axxess
VISA
Debit
5431 3210 1234 5678
VALID THRU 11/23
JIL SCHMIT
Ta carte
Ton compte
Tes avantages
STUDY
Pour les étudiants de 18 à 30 ans
axxess
Banque et Caisse d'Epargne de l'Etat, Luxembourg, établissement public autonome 1, Place de Metz, L-1930 Luxembourg, R.C.S. Luxembourg B30775

# ACEL'S JOER 2022

# AM IWWERBLÉCK



# ACEL KALENNER

## DEZEMBER 2021



26 ACEL Wanter AG
27 ACEL Olympiad
(bis den 28. Dezember)
29 1. CV
30 ITV - radio 100,7

## JANUAR 2022

3 Info CV
3 Repré CV
4 Entrevue - VEW
6 ITV - Lëtzebuerger Journal
12 ITV - Tageblatt
12 Foto Solvit
13 SI - LTPS
14 Entrevue - Mediahuis
17 Entrevue - Fond Belval
17 SI - LCD
18 Regrupp CV
19 Info CV
20 Entrevue - MESR
20 Entrevue - ACL
21 Entrevue - VDL
21 ACEL Neijoerschpatt
22 SI - LGE (online)
25 Entrevue - Luxair
26 Call - Jugendrot
27 SI - Maison de l'Orientation
28 Call - Gaming Cup
28 Call - CSJ (online)
29 Repré CV




## FEBRUAR 2022

| | |
|---|---|
| 1 | ITV - L'Essentiel |
| 2 | Regrupp CV |
| 2 | Entrevue - Uni.lu |
| 2 | Call - VP |
| 3 | Entrevue - Munhowen |
| 7 | Entrevue - Codex |
| 7 | SI - Geesseknäppchen |
| 8 | Call - Fondation Cancer |
| 10 | CSEN Kommissioun |
| 11 | Repré CV |
| 15 | Call - VP |
| 16 | Info CV |
| 16 | Call - REEL |
| 17 | Repré CV |
| 18 | Entrevue - ADR |
| 19 | 2. CV |
| 23 | SI - Geesseknäppchen |
| 24 | Nohuel CV |
| 26 | SI - LN |

## OFKIERZUNGEN

| | |
|---|---|
| AG | Assemblée Générale |
| Aag | Aarbechtsgrupp |
| AideFi | Commission des Aides Financières |
| CSEN | Conseil supérieur de l'Éducation nationale |
| CV | Comitésversammlung |
| IC | Intercercle |
| ITV | Interview |
| KT | Klausurtagung |
| PK | Pressekonferenz |
| Sf1D | Student fir 1 Dag |
| SB | Studentebal |
| SI | Studieninfo |
| TdN | Tournoi de Noël |
| VP | Vizepresident:in |

## MÄERZ 2022

| | |
|---|---|
| 1 | AideFi |
| 1 | Entrevue - CSV |
| 3 | Info CV |
| 4 | Call - Fête de l'Europe |
| 5 | Repré CV |
| 7 | Entrevue - Luxair |
| 7 | Call - Uni.lu |
| 8 | ITV - Eldoradio |
| 9 | Call - REEL |
| 10 | CSEN Kommissioun |
| 11 | SI - LTMA |
| 15 | Info CV |
| 16 | SI – Fieldgen |
| 16 | Entrevue - Spuerkeess |
| 16 | Call - VP |
| 19 | 3. CV |
| 25 | Repré CV |
| 25 | AG - Jugendrot |
| 26 | SI - LCD |
| 27 | Info CV |
| 28 | Call - Uni.lu |
| 28 | Repré CV |
| 29 | Call - DLH |

## ABRËLL 2022

| | |
|---|---|
| 5 | SI - LTEtt |
| 2 | Student fir 1 Dag (bis 15. Abrëll) |
| 2 | Sf1D - Stroossbuerg |
| 3 | Repré CV |
| 4 | Sf1D - Karlsruhe & Heidelberg |
| 5 | Sf1D - Köln, Bonn & München |
| 6 | Sf1D - Fribourg (CH) |
| 7 | Sf1D - Kaiserslautern & Wien |
| 7 | Info CV |
| 8 | Sf1D - Freiburg & Belval |
| 9 | Sf1D - Amsterdam |
| 11 | Sf1D - Bréissel & Innsbruck |
| 11 | Regrupp CV |
| 11 | PK - MESR-ACEL |
| 12 | Sf1D - Oochen |
| 12 | Repré CV |
| 13 | Sf1D - Tréier & Zürech |
| 14 | Sf1D - Saarbrécken & Berlin |
| 14 | ITV - L'Essentiel |
| 15 | Sf1D - Léck & Maastricht |
| 16 | ACEL Quizowend |
| 19 | Entrevue - MESR |
| 20 | Info CV |
| 21 | CSEN Kommissioun |
| 22 | SI - LTPES |
| 22 | ITV - Lëtzebuerger Journal |
| 22 | KT zu Heidelberg (bis 15. Heidelberg) |

## MEE 2022

3 Entrevue - Munhowen
4 AG - Lasel
4 Entrevue - Spuerkeess
4 Entrevue - VEW
4 Call - Green Event
11 Call - Uni.lu
12 Entrevue Luxair
12 SI - ENAD
13 Entrevue - Mediahuis
13 Foto - Paperjam
16 AideFi
16 ITV - Paperjam
16 Info CV
18 SI - EIDE
26 Call - Design Guiden
27 ITV - Tageblatt
30 Call - LSK „De Studentebal“
31 Regrupp CV
31 Repré CV

## JUNI 2022

1 Entrevue - MESR
2 Call - Green-Event
2 PK - Solvit
13 Info CV
14 Call - REEL
16 Call - VP
16 Entrevue - Munhowen
17 Entrevue - Post
18 Balversammlung
19 4. CV
22 Entrevue - Moovijob
22 Visite des lieux MESR - Belval
28 Call - Killcamion App
30 CSEN Kommissioun
30 Call - Munhowen

## JULI 2022

4 AideFi
4 Regrupp CV
4 Op- an ofriichten vum SB (bis 10. Juli)
8 De Studentebal
11 Entrevue - MESR
13 Entrevue - Sixpayment
17 Call - Budgetpassung
18 Call - VP
21 Info CV
23 ACEL Summer AG

## AUGUST 2022

4 Call - REEL
5 Call - Carte Jeunes
8 Regrupp CV
11 Call - VP
18 Repré CV
30 Entrevue - Mediahuis

## SEPTEMBER 2022

1 ITV - RTL Radio Lëtzebuerg
5 Call - REEL
12 Info CV
13 Rentrée PK-MESR
14 Call - Aleba
15 Repré CV
16 Call - Diplom+
17 5. CV
19 ITV - Luxemburger Wort
26 ACEL Rentrée PK
27 Entrevue - MESR
29 REEL Heidelberg/Karlsruhe
(bis den 2. Oktober)

## OKTOBER 2022

5 Entrevue - DKV
6 CSEN Kommissioun
6 Repré CV
9 Call - VP
10 Info CV
11 Regrupp CV + LASEL
12 Repré CV
17 AideFi
19 Call - Sponsoringsbroschür
21 SI - Maacher Lycée
19 CSJ Plenière
19 Call - REEL
21 Foire Diplom+
21 AGE De Jugendrot
22 SI - Athénée
26 Entrevue - MESR
27 Studentefoire
(bis den 28. Oktober)
31 Entrevue - CSL

## NOVEMBER 2022

2 Info CV
3 Entrevue - MTEESS
7 Call - VP
7 Call - Sponsoringsbroschür
7 Call - Stagegesetz ALEM
8 Info CV
8 Call - VP
11 **KT zu Lëtzebuerg**
(bis den 13. November)
15 Call - Munhowen
21 Info CV
23 Repré CV
24 CSEN Kommissioun
26 Repré CV
30 Regrupp CV

## DEZEMBER 2022

1 Call - Ramborn
2 Repré CV
4 Aag - IC ausbezuelen
4 Aag - Subsides Cercles
4 Aag - IC Bichelchen
5 Entrevue - Uni.lu
6 Entrevue - VEW
6 Info CV
7 SI - LAM
7 SI - LNB
7 Call - REEL
12 AideFi
12 Call - Budget 2023
13 Entrevue - Luxair
13 Call - Munhowen
15 Entrevue - MEN
17 6. CV
19 Regrupp CV
21 Repré CV
23 SI - LTPS
23 Opriichten TdN
26 **ACEL Wanter AG**



# ACEL COMITÉ



**Polina Bashlay**
*Presidentin*

**Bauingenieur,**
München

Coordination générale, REEL

Ohh, ee Villchen!
Kann net schnell drénken, mee dofir exen.
Ass méi zu Lëtzebuerg wéi zu München.



**Cédric Heintz**
*VP Representatioun*

**Raumplanung und Raumordnung,**
Wien

Coordination am Pilier, Voucheren fir d'Studenten, GIS, Bourse, Stagegesetz

Kënnt net an d'ACEL fir ze schlofen.
Shawarma-Enjoyer
Ass VP éier hien Comitésmember ass.
Huet ëmmer eppes Léiwes ze soen.
Flitt méi wéi hien wëll.



**Yannick Bertrand**
*VP Informatioun*

**Geographie,**
Freiburg

Coordinatioun vum Pilier, Studentefoire, ZOOM, Student fir 1 Dag, GFE, GFD, De Studenteguide

Huet eng wonnerschéin Stëmm fir nozelauschteren.
Spillt gären Tetris a sengem Auto.
Krut d'SI Bichelche voll.
Wollt kee Kachcours beleeën fir weider an der ACEL ze bleiwen.



**Mathis Michels**
*VP Regruppement*

**Informatik,**
Oochen

Coordinatioun vum Pilier, REEL

Liblingsproch: „dat geet schonn"
Last but not least: Informatiker N°4
Rifft léiwer un wéi ze schreiwen
Zelt gären, virun allem um Site vum Studentebal.





**Mich Weber**
*Sekretär*

**Sciences politiques,**
Bréissel

Newsletter, Mailen, Rapporten

Ass an d'ACEL komm, well orange seng Lieblingsfaarw ass.
Geet léiwer op de Mullenowend wéi op eise Wichtelowend.
Verléiert säin Autoschlëssel an der Jugend-herberg.



**Christine Lenertz**
*Tresorière*

**Bauingenieur,**
Zürech

Budget, Sponsoring

Madamm Green vun der ACEL
Sugermama vun der ACEL
Ass net gutt am Solitär.
Mrs REEL



**Michel Klomp**
*Responsabel Informatik*

**Informatik,**
Kaiserslautern

Programméieren, Problemer fixen, Inter-netsite verbesseren

Béierbänken eroffaalen ass säin Hobby.
Informatiker N°1
Waasser kennt hien net.
Béier ass säi Waasser #Electrolyt
Säi SI-Bichelchen ass no 2 Joer na ëmmer eidel.



**Alex Luong**
*Responsabel Grafik*

**Raum- und Umweltplanung,**
Kaiserslautern

Grafiken designen, Social Media, Internet-site designen, De Felix, De Studenteguide

2 Maß geet him duer.
Ass op all IC dobäi an hällt deen een oder aneren witzege Moment fest.
Kritt ëmmer ze spéit Bescheed gesot an ass awer méi fréi fäerdeg mat den Grafiken. #Regrupp
Bréngt ëmmer LSK-Stickere mat.
Grafiker N°1



**Sophie Schroeder**
*Comitésmember*

**Medienpsychologie,**
Berlin

SI, ACEL Influencer, De Studenteguide, Foiresiessen, Student fir 1 Dag 2022

Mam Sophie kann et zu Stroumausfall kommen.
Well onbedéngt eng Babykaz.
Fënnt Orange net schéin.
#1 Fan vum ACEL-Merch, hat wëll alles.



**Felix Schoellen**
*Comitésmember*

**Informatik/ Cybersecurity,**
Zürech

Student fir 1 Dag 2022
GFE, Foiresiessen

Hien esst fir den ganzen Comité.
Clear the Bottles ass säin Motto!
Informatiker N°2



**Ann Bertemes**
*Comitésmember*

**Joffer,**
Léck

Student fir 1 Dag 2022, GFD, Studentefoire, De Felix

Muss kucke fir Zäit ze fannen, mee fënnt se awer.
Schafft eng Woch fir de Studentebal, mee geet net dohin.



**Kimon Leners**
*Comitésmember*

**Politikwissenschaften,**
München

Quizowend, De Studentebal'22, Tournoi de Noël 2022, IC'en

Ass ee Fan vun Aarbechtsgruppen.
De Felix ass säi gréisste Konkurrent.
Kennt sech mat de Kommissioune besser aus wéi d'Repré.



**Tim Kries**
*Comitésmember*

**Economie et Gestion,**
Stroossbuerg

Quizowend, De Studentebal'22, Tournoi de Noël 2022, IC'en

Ass nonstop mam Auto ënnerwee.
Diskutéiert net gären.



**Charel Donven**
*Comitésmember*

**Informatik,**
München

Rundfunkbeitrag, Voucheren fir Studenten, Bourse, Stagegesetz, REEL

Aus sengem Hannerfroen entsti grouss Diskussiounen.
Beäntwert net gären E-Mailen.
Informatiker N°3, well Respo fir d'Beamer.
Huet de ganze Mäerz Zäit fir d'ACEL.
Kann guer net exen, mee dofir schnell drénken.



**Sarah Rosen**
*Comitésmember*

**Macroéconomie et Politiques Européennes,**
Stroossbuerg

Taxe d'habitation, Bourse, Stagegesetz

Suergt dofir dass d'Repré hier Aufgaben net vergesst
Organisatioun a Persoun
Hat laacht ëmmer, ausser hat ass midd.
Huet ëmmer Stress op der Uni.



**Laura Matheis**
*Cooptée*

**Kommunikationsdesign,**
München

Student fir 1 Dag 2023, Tournoi de Noël 2022, De Felix

Verléiert öfters seng Stëmm.
Ass dat jéngsten am Comité.
Mécht seng Calls ëmmer an der Bibliothéik.
Grafiker N°2



**Sarah Legrand**
*Cooptée*

**Sciences politiques,**
Léck

Student fir 1 Dag 2023, Tournoi de Noël 2022, De Felix

Huet zu allem eng Fro.
No 4 Joer ass et nees Zäit gi fir e Comité.

# INTERCERCLEN 2022

## 05 MEE

- 07-08 Spikeball *(SLUF)*
- 13 BBQ Balélec *(AELL)*
- 14-15 Lët'z Go Wü *(LSWü)*
- 14-14 Bluttspend-Marathon (bis 14.06) *(ALEM)*
- 26-27 Bonn in Flammen *(Alesontia)*

## 04 ABRËLL

- 02 Swisscup *(LSZ)*
- 15 Quizowend *(ACEL)*
- 17 Münchener Bal *(LSM)*
- 27 King's Day *(LSNL)*
- 30-01 Tournoi de l'Ambasssadeur *(Lëstlé)*

## 03 MÄERZ

- 26 Route du Vin *(ALUS)*

## 02 FEBRUAR

- 26-27 Skiweekend *(Friblëtz)*

## 06 JUNI

- 03-05 Saufest *(LSW)*
- 09-10 Beachvolleyballtournoi *(LSK)*
- 18-19 De Feierwon *(LSH)*
- 25 Summercup *(ALUS)*

## 07 JULI

- 01 Vélosheemrees *(AELK)*
- 08 De Studentebal *(ACEL)*

## 08 AUGUST

- 01 Lët'z FR/AT *(ALUS/LSW/LSI)*

## 09 SEPTEMBER

- 22-24 Oktoberfest *(LSM)*
- 29-02 REEL'22 zu HD/KA *(REEL)*

## 10 OKTOBER

- 07 Fëschs de Bal? *(LSK)*
- 28 Oochener Bal *(AVL)*




Een Intercercle ass een zesummekomme vu Studenten:innen an enger Studiestad oder zu Lëtzebuerg. Dobäi organiséiert de Cercle Organisateur een Iessen, ee Rallye oder e Sportturnéier wou et och ëmmer genuch ze drénke gëtt, sou datt kee muss duuschtreg heem goen.

Op zu Kaiserslautern d'Ekippen dorëms kämpfe ween dee beschten am Volleyball ass oder ween zu Karlsruhe am beschten um Cafésrallye ofschneit, genuch Spaass ass ëmmer dabei. Ee Stroossbuerger Beerpongturnéier zu Lëtzebuerg, en Rallye duerch Zürech, d'Saufest un der Donau oder de King's Day an Holland sinn nëmmen e puer vun de villen Intercerclen un deenen een als Student:in kann deelhuelen. Dëst Joer hunn 18 Intercerclen stattfonnt, 2 a Frankräich, 10 an Däitschland, 3 an der Schwäiz, 1 an Éisträich, 1 an Holland an 1 an der Belsch. Hei hunn am ganzen 1245 Studenten:innen drun deelgeholl a konnten sou nei Kolleege kenne léieren an eng gutt Zäit zesumme verbréngen.

Op Ersti oder Masterstudent:in, Student:in a Frankräich, Däitschland oder der Schwäiz, um Intercercle kënnt jiddereen zesumme fir sech ze amuséieren, nei Fréndschaften ze schléissen an zesummen een ze drénken.

## 11 NOVEMBER

- **04-06** Caférallye *(AVL)*
- **10-12** Kölle Alaaf *(LSC)*
- **17** Tarte Flambée *(ALUS)*
- **18-20** Clear the Bottles *(LSZ)*
- **24** Badische Meile *(AELK)*

## 12 DEZEMBER

- **22** Freiburger Bal *(SLUF)*
- **23** Ass da Bal Chrëschtdag *(LSS/LSC)*
- **25** Zürcher Bal *(LSZ)*
- **27-28** Tournoi de Noël *(ACEL)*
- **28** Bréisseler Bal *(CELB)*

**Tournoi de l'Ambassadeur zu Léck (Lëstlé)**

No 2016 sollt et nees 2020 un der Lëstlé sinn den Tournoi de l'Ambassadeur an der Cité Ardente z'organiséieren, mee Corona huet eis leider 2 Joer laang e Stréch duerch d'Rechnung gemaach. Den 30. Abrëll 2022 war et endlech esou wäit: Den Tournoi de l'Ambassadeur huet zu Léck stattfonnt!

Nom Fussballstournoi war et endlech esou wäit den traditionelle Roi a Reine National ze kréinen. No villen Affonds an engem gudde Kampf kënnt de Roi National dëst Joer vun Oochen an d'Reine Nationale 2022 vu Léck.

Dunn war et och schonns esou wäit d'Fussballsschung anzepaken an sech prett fir den Owend ze maachen. Nodeems jiddereen seng Saache bei säin Host bruet huet an dono gudd iesse war, hunn d'Lëtzebuerger Student:in sech all an engem Café am Carré getraff fir den Owend mat enger Forfaitaire ofzeschléissen.

Den Dag drop hunn d'Oochener Mëttes Zuch fir Zuch zoufälleg verpasst fir méi laang am Lëstlé Stammcafé, den Take-Off, kënne sëtzen ze bleiwen.

**Kölle Alaaf zu Köln (LSC)**

Och dëst Joer huet den LSC Intercercle „Kölle Alaaf" nees stattfonnt. Fir déi éischten Kéier huet sech dëser iwwer 3 Deeg gestreckt an eng 400 Student:innen ugezunn. Am ganzen war iwwer 20 Cerclen um Intercercle vertrueden.
Um Virowend hun sech schon d'Student :innen „Am Alten Brauhaus" getraff. Den nächsten Moien hun d'Lëtzebuerger Studenten:innen sech an diversen Verkleedungen beim „Lëtzebuerger Bam" um Alter Markt versammelt. Bis spéit an den Owend hunn si do dat eent oder anert Gedrénks gedeelt an mateneen ugestouss.

Samschdes Moies ass et dann mat der neier Aktivitéit weider gaangen, am Extrablaat konnten d'Student:innen sech vum Virdag zesummen erhuelen. Dono sin der nach puer an dat eelsten Kölner Brauhaus gaangen. Mat enger leschter Ronn Kölsch vum LSC gouf den dësjäregen Intercercle ofgeschloss.

**Bluttspend-Marathon 2022 (ALEM)**

Vum 14. Mee bis den 14. Juni, den offiziellen Weltbluttspendedag, huet d'ALEM déi zweet Editioun vum Intercercle Bluttspende-Marathon lancéiert. Dësen Intercercle huet als Zil op dat liewenswichteg Thema Bluttspend opmierksam ze maachen an Lëtzebuerger Studenten:innen ze motivéieren Blutt spenden ze goen. Deen Cercle, deen den 14. Juni am meeschten ml um Konto huet, gewënnt den ALEM Bluttspend-Marathon an kritt dofir dann den wuelverdéngten Präis. Dëst Joer hunn 81 Participanten vun 13 verschidden Cercle deelgeholl an den Freiburger Cercle mat ganzen 9 Liter Blutt huet dann dëst Joer gewonnen! Si hunn hiren Cageot Béier domat méi wéi verdéngt. D'Plaz 2 konnt sech den Cercle aus Heidelberg mat 5700 ml sécheren an eng gutt Plaz 3 séchert sech den Kölner Cercle mat 4700 ml.

**Tarte Flambée zu Stroossbuerg (ALUS)**

De 17. November huet rëm den traditionellen Tarte Flambée Intercercle am Brasseur stattfonnt. Dëst Joer waren 130 Student:innen vun insgesamt 11 Cerclen vertrueden.Et goufen verschidden Zorten tarte flambées à volonté z'iessen sou wéi och Soft a Béier à volonté ze drénken. Bei gudder Stëmmung sinn dunn déi meescht Leit um 23h weider an den jimmy's gaangen wou bis 4 Auer moies - bis den Jimmy's zougemaach huet - gutt gedanzt gouf.

**Saufest zu Wien (LSW)**

Dëst Joer war d'Saufest de Päischtweekend an zwar vum 3. bis 5. Juni. Freides Owes hunn d'Student:innen sech beim Tamst um Donaukanal schon getraff.

Den Dag drop hunn Saufestler:innen dann den Wee bis beim Donau erëm fonnt, do sin em die 400 Liter Wäin an 2000 Liter Béier gedronk gin (e Rekord!). Zwou Sai waren natierlech och do, mee di waren awer schnell erëm fort. D'Wieder war natierlech och vun der Partie an et waren 28°C, den Owend goufe Student:innen awer vum Donnerwieder iwwerrascht.

Den Dag drop war d'Ofschlossiessen an der Stiegl-Ambulanz wou 175 Leit en Schnitzel oder Käsespätzle nach zesummen giess hunn.

# STUDENT FIR 1 DAG

De Student fir 1 Dag 2022, erëm e risegen Erfolleg…

De Student fir 1 Dag stoung dëst Joer nees ganz ënner dem Motto: Back to the roots an Student:innen begréissen nees Schüler:innen an hire jeeweilege Stied.

Mee dann emol ganz vu vir. No zwou ugepassten Editiounen an deene leschten 2 Joer hunn mir voller Motivatioun a Virfreed nees ugefaangen den traditionelle Student fir 1 Dag an deene jeeweilege Stied ze plange mat dem Zil d'Event endlech nees a Präsens stattfannen ze loossen. Dofir hunn mir eis dëst Joer dofir entscheet de Virus net méi ze invitéieren. Laang hunn mir eis awer d'Fro gestallt un wien mir dann elo déi iwwreg gebliwwen Invitatioun solle weidergi bis eis de Gedanke komm ass, wéi cool et eigentlech wier mam Fliger an déi jeeweileg Stied ze fléien. Aus engem Gedanken ass eng Iddi ginn, déi eis net méi aus de Käpp gaangen ass, soudass mir schlussendlech déi lescht Invitatioun un Luxair verginn hunn.

Sou stounge mir also do mat eiser Iddi an engem komplette Comité, dee bis dohinner nach kee Student fir 1 Dag a Präsens an deene jeeweilege Stied organiséiert huet, sech fir de Comeback vun dësem traditionellen Event awer dëser Aufgab stelle wollt.

Dank engem super Informatiounspilier, deen een sech besser net virstelle konnt, a ville Stonne voller Diskussioun an Organisatioun konnte mir Mëtt Februar d'Umeldunge fir Schüler:innen opmaachen. Um Programm stounge Busreesen, Fligerreesen a Reese wou den Transport huet missten eegestänneg organiséiert ginn.

Wien elo mengt, mat dem Start vun den Umeldunge wier d'Aarbecht gemaach an et kéint een sech bis d'Event ufänkt eng Paus gënnen, musse mir leider enttäuschen. Nieft fläisseg Reklamm maachen huet een och missten déi ganz Umeldung an Ofmeldunge geréieren. Dat huet net nëmmen dem Informatiounspilier vill Zäit an Nerve kascht, mee och eiser Tresorière ass et net langweileg ginn de Schüler:innen hir Suen nees zeréckzeiwwerweise wann si sech nees ofgemellt haten.



An da war et endlech esou wäit… Déi éischt Umeldunge sinn zougaangen an de Student fir 1 Dag konnt endlech lass goen! Fréi moies hunn mir eis zesumme mat de Schüler:innen zu Ettelbréck, um Bouillon oder um Findel getraff an hunn eis op de Wee gemaach fir an déi jeeweileg Stied, wou mir schonns voller Sehnsucht erwaart gi sinn.

Obwuel d’Wieder net iwwerall matgespillt huet, hunn Schüler:innen sech net änner kréie gelooss an sou d‘Unien a Stad entdeckt. No ville Visitten a Gespréicher, nei geknäppte Kontakter souwéi och engem gudde Mëttesiessen ass et um Enn vum Dag nees Richtung Lëtzebuerg gaangen.



Dëst Joer konnten sech Schüler:innen tëschent folgende Stied entscheeden:

**2. Abrëll:** Stroossbuerg
**4. Abrëll:** Karlsruhe & Heidelberg
**5. Abrëll:** Köln, Bonn & München
**6. Abrëll:** Fribourg (CH)
**7. Abrëll:** Kaiserslautern & Wien
**8. Abrëll:** Freiburg & Belval
**9. Abrëll:** Amsterdam
**11. Abrëll:** Bréissel & Innsbruck
**12. Abrëll:** Oochen
**13. Abrëll:** Tréier & Zürech
**14. Abrëll:** Saarbrécken & Berlin
**15. Abrëll:** Léck & Maastricht

Innerhalb vun nëmmen 12 Deeg konnte mir iwwer 370 Schüler:innen een Abléck an 21 Stied a 7 verschiddene Länner verschafe wat fir eis en absolutten Erfolleg ass!

Op dësem Wee soe mir Voyages Emiler Weber, der Luxair an all eise Partnere wéi och eise Cerclen nach eng Kéier villmools Merci fir hir Ënnerstëtzung bei dësem Event.

Mir freeën eis elo schonn op d'Editioun 2023!

Wann s du méi Detailer iwwert den Oflaf vum Student fir 1 Dag wëlls wëssen, besich eisen Internet-Site acel.lu/sf1d



# DE STUDENTEBAL

No 2 Joer, intensiv geprägt vum Covid-19, war d'Virfreed op een normalt Studenteliewe rieseg. Dozou gehéiert nieft dem villen léieren awer och de Spaass dozou. Nodeems de Studentebal 2021 mat 2000 Leit schonn een Erfolleg war, hunn mir ons awer gefreet de Studentebal erëm fir dat duebelt un Leit ze plangen. Ab Januar ass et mat den éischte Virbereedunge lass gaangen a vu Mount zu Mount ass et exponentiell méi intensiv ginn. Den Drock op de Pilier ass ëmmer méi grouss ginn, mee och d'Motivatioun war ëmmer méi grouss!

Méindes an der Woch vum 8. Juli ass de Comité schonn zesumme komm an huet op der Plaz déi éischt Saache virbereed. Nodeems dat éischt Material Mëttwochs ukomm ass, hunn mir duerch d'Ënnerstëtzung vun de Cerclen de ganze Site bannent 2 Deeg opgebaut an an engem Dag erëm ofgebaut!

Freides den 8. Juli war et esouwäit, ons Diere sinn um 20h opgaangen an déi ganz motivéiert sinn era gestiermt. Mat 4500 Visiteuren hunn mir esouvill Visiteure gezielt wéi nach nie! Domat hate mir awer all gerechent, esou dass mir 5000 Liter Béier kal haten an et op den 11 Comptoire genuch ze drénken an ze lesse gouf. Doduerch dass all Cercle säi Special Drink op den héchsten Niveau verfeinert huet, konnt een vu 27 Special Drinks profitéieren an säin eegene Ranking maachen.
Parallel dozou hunn den DJ Almighty A an DJ Dasic ons Oueren ageschmiert, an den een oder aneren och zum danze bruecht.

Mir soen all de Cerclen, der aACEL, eise Partner an all den anere Leit déi ons gehollef hunn, fir dësen onvergiesslече Studentebal, ee grousse Merci.
Mat vill Freed bereede mir och schonn déi 22. Editioun vum Studentebal fir, wou mir iech hoffentlech all erëm gesinn!



# STUDENTEFOIRE

No 2 laangen an och deelweis ustrengende Jore war et endlech nees Zäit fir eng méi normal Studentefoire. Och wa mer frou sinn nees 2 Deeg laang Foire ze hunn, ouni mussen eise Covid-Check scannen ze loossen, trauere mir eiser Luxexpo nach ëmmer hannendrun.

D'Foire de l'Etudiant 2022 huet wéi schonn d'Editioun 2021 um Campus Belval statt fonnt. No enger Phase de découverte, déi guer net méi interaktiv war, mee dofir ëmsou méi informativ fir d'Schüler:innen déi den Wee op d'Platform fonnt hunn, ass et de 27. An den 28. Oktober um Belval rëm lass gaangen.

Moies fréi em hallwer 8 waren déi éischt Leit aus dem ACELs Comité schonn um Belval a missten direkt Ried an Äntwert fir eise Lieblings Sender stoen. Nodeems dat gepackt war ass et dono direkt op d'Sich no de Mëtsche gaangen. Mir wollte schliisslech jo net dat eis Cerclesleit Moies verhongeren.

Nodeems mer 30 Minutten a gefillt de ganze Belval ofgesicht hunn, an zu engem ganz kuerzen Zäitpunkt schonns ofgeschloss hate mam Frühstück um Donneschden Moien, hu mer se dann endlech an der Kantin vun der Uni fonnt.

Wéi der mierkt ass esou eng Studentefoire vill méi Stress wéi een sech dat esou virstelle kann.

No an no sinn och d'Cerclë komm fir hire Stand schéin ze dekoréieren. Nodeems sech da jiddereen, eng Mëtsch an eppes ze drénke geholl hat sinn dann och schonn déi éischt Busser ukomm. Bëssi iwwerrumpelt vun deenen ville Schüler:innen si mer guer net hannendru komm fir jidderengem en Guide du Futur Etudiant mat ze ginn an de Schüler:innen z'erkläre wat d'ACEL ass a wou si déi eenzel Cerclë fannen.

Donieft konnte mer ganz gutt als Guide hëllefen, mer hunn den Aussteller gesot wou si sech sollen umellen, de Schüler:innen gesot wou d'Ambassadë sinn an dat et dëst Joer leider keng Institutiounen op d'Foire gepackt hunn.

Nieft eiser Tätegkeet als Guide ware mir och fir de Ministère am Asaz. Mer hunn hinne gehollef op verschiddene Punkten d'Leit ze zielen déi eran an eraus aus de Säll gaange sinn, fir dat d'Sécherheetslimitt och net iwwerschratt gëtt. Alles an allem hate mir ganz ofwiesslungsräich Aarbechten op der Foire de l'Etudiant dëst Joer.

STUDENT WOU WAT

# STUDENTEFOIRE

Foire de l'Étudiant ◆ Student Fair ◆ Studierendenmesse



No engem ustrengenden 1. Dag ass et Owes nach bis an de Coyote fir d'Foiresiesse gaangen. Nodeems mir d'Unzuel vun de Participanten 2 mol missten an d'Luucht setzen, an Donneschdes nach spontan en Dësch dobäi gesat ginn ass, konnt dann och jidderee mat namme goen.

Freides Moies huet déi ganz Organisatioun schonns vill besser geklappt. Mer kruten eise Stand méi schnell dekoréiert, hate souguer nach Zäit fir Tute mat eise Guiden ze paken, an hunn d'Mëtschen direkt fonnt! Den eenzege Problem um Freide Moie war eis Kaffismaschinn, déi huet gemengt aus ze lafen...

Um Freide sinn dann nach eng Kéier interesséiert Schüler:innen ukomm, mee den Zenario war d'selwecht wéi Donneschdes. Eng voll Maison des Arts et des Etudiants, Cerclen déi deelweis iwwerrannt gi si mat interesséierte Schüler:innen, engem extreme Bicker Enkpass op sämtleche Stänn an zu gudder lescht deene Schwäizer Stänn wou hier Kéisfondue hu missten dobausse maachen.

Hei wollte mer awer och nach der ALUS eng Kéier gratuléieren, dat si Freides esou gutt op hier Saachen opgepasst hunn, de Storchi war jo bal dee ganzen Dag bei hinnen um Stand;)

Am grousse ganze war d'Foire e vollen Erfolleg. D'Schüler:inne ware ganz zefridden, mir ware frou iech als Cerclen esou zuelräich gesinn ze hunn an dat d'Foire lues a lues nees un eng al Foire de l'Etudiant an de Foireshalen eru kënnt.



# REEL 2022 ZU HEIDELBERG/ KARLSRUHE

Ohh déi gutt REEL, do war et schonn erëm esou wäit. Ech fannen esou eng REEL huet ëmmer e bëssen eppes vun enger Kolonie. Et hänkt ee puer Deeg vill openeen, et erlieft ee vill. Verschiddener ginn sech esou guer extra vill méi fir eng Bonne Note ze sammelen a stellen sech dem Concours den Titel vun dem beschte REELaner oder beschter REELanerin ze sécheren.

Moies fréi um Bouillon huet ee schonn di éischt bekannte Gesiichter erëm getraff an du wosst ech déi nächst Deeg gi gutt.  Et huet net laang gedauert bis mer am Bus de Béier fonnt hunn, esou ass et jidderengem einfach gefall de Wee duerch ze stoen. Zu Karlsruhe goufe mir du vun engem Motivéierte Comité mat engem Kaffi an engem Maufel z'iesse begréisst. No esou enger Busfaart war fir deen een oder aneren de Kaffi och batter néideg. Mir als ACEL ware prett eis Workshoppen ze halen, mee Ier et domadder konnt lass goen huet jidderee sech nach, jee no Preferenz, mat engem waarmen oder kaale Gedrénks ekipéiert fir d'Workshoppen och bescht méiglech ze iwwerstoen. D'Theme vun de Workshoppe ware "Student fir 1 Dag", "Méi nohalteg ginn", "Post-Corona: Reset?". Mat vill konstruktiven an och anerem Input ass et dunn dono bei Mëttegiessen an den Aposto gaangen. Och wann eis Ambiance net onbedéngt vun den anere Gäscht appreciéiert gouf, hu mir eis net dovu steiere gelooss. Gestäerkt  ass et du mam Rallye lass gaangen. Hei hu mir vill erlieft a sinn an de verschiddenste Spiller géinteneen ugetrueden. Dobäi hu mir och deen een oder aneren Eck vu Karlsruhe kenne geléiert. Am Bratar huet sech um Schluss nees alles zesumme fonnt, wou mir mat engem Burger nees zu Kräfte komm sinn, esou dass mir eis Rees op Heidelberg weiderfeiere konnten. Hei krute mir nach am donkelen eis Tute mat Gadgeten ier mir dunn am Ibis anchecke konnten. D'Zäit fir ze schlofe war do awer nach laang net, no enger kuerzer Zäit fir eis ze installéieren ass et direkt weider an den Tonic op d'Soirée Public gaange wou mir zesummen eisen éischten Owend ofschléisse konnten.

Et hätt ee kënne mengen, den Dag wier hei gelaf gewiescht. Dat war e warscheinlech och, wann net déi éischt Persoun fonnt hätt, dass d' Matrassen am Ibis net grad esou bequeem géifen ausgesinn, wéi d'Sëtzer am Bus. Ee vun eise Kandidaten op de begierten Titel huet et gewot an huet sech dem Selbstexperiment gestallt eng Nuecht am Bus ze verbréngen.



Op enger REEL gëllt Devis, huel all schlof mat deens du Moies kriss, well d'Owender gi laang. Dofir war ech frou méi spéit kennen opzestoen, wéi déi wou d'Visitten op den Hockenheimring, an den Historesche Musée oder an d'Körperwelten haten, a konnt mir gemittlech d'Schlass zu Heidelberg unzekucken. Nieft deem Grousse Wäifaass muss ech soen, dass de Béier Gaart direkt nieft dem Schlass bei eiser Visitt warscheinlech dunn awer den Highlight war. Am Vetter's Brauhaus si mir dunn nees zesumme gestouss wou mir ee gudde Schnitzel oder eng Feuerpfanne iesse konnten. Do war Zäit och komm an déi éischte Kéier goufen Dëscher gehuewen.

Dono ass et dunn nees méi seriöe gi well mir hunn eis op d'Uni zu Heidelberg gemaach wou mir déi léif Partner:inne getraff hunn, déi hei d'Geleeënheet haten sech virun de Studente virzestellen. Dobäi gouf sech extra gutt em d'Ingenieure gekëmmert, déi eng extra laang Presentatioun dierften erliewen. No enger gefillter Éiwegkeet war et awer schliisslech Zäit fir d'Partnerfoire an den éischten Éierewäin ass dobäi zerwéiert ginn. Dobäi krute mir Bowls fir z'iessen an esou guer fir den Dessert war mat engem Glacë Stand gesuergt. Hei war dunn och d'Geleeënheet sech mat de Partner méi genau aus ze tauschen. Mat grousser Virfreed op Muer hu mir eis zesumme fonnt fir schonn emol de Wilhelmus ze prouwen. Ob dat muer eppes gëtt? Do war ech mir dee Moment net esou sécher. Ob allefall huet du schonn d'Halle02 op eis gewaart wou mir mat eiser Soirée Privé zesumme mat de Partner konnten e gudden Owend verbréngen. Hei huet och fir d'Ancien de Programm vun der REEL gestart. Well mir eis esou gutt geschéckt hunn, war de Sam esou frou mat eis, dass mir esou guer den Dag drop eng Stonn méi laang schlofen dierften. Méi laang schlofen? Dat heescht méi laang Feieren! Mat dëser Devise si mir dunn an den Owend gestart. Op et dofir och Punkten op ee vun de beleeërten Titel gouf, dat léist sech net esou genau soen!

Den 3ten Dag ass et an d'Frauenbad gaangen. Wéi Frauenbad? Ass et scho Sonndes? Ahh nee et war Zäit fir d'Journée Politique. Moies huet den Aarbechtsminister Georges Engel e Monologe zum Thema vun der REEL gehalen: „Bachelor Inflatioun". Op Thema agestëmmt si mir du schonn nees an de Bus geklommen Richtung Molkenkur.

Dohannen ukomm hu mir eis am Chouer fläisseg opgestallt. Esou guer ee klengen Orchester war prett. An elo sti mir hei a waarden. Een Invité nom anere kënnt un, mee de Chouer deet kee Mux. An da kennt en un, eise Prënz Guillaume. „Zwee Kinnekskanner, déi trei sech léif.....“ hu mir gesongen. Wéi déi offiziell Begréissung ofgeschloss war ass et dobannen, wéi op gudder Lëtzebuerger Traditioun mat engem Éierewäi lass gaangen. Hei konnten esou mir esou guer ee klengt Gespréich mam Prënz féieren. Éier et dunn eriwwer an un d'Iesse gaangen ass. Do huet een sech e bësse wéi bei „Reisen nach Jerusalem“ gefillt, bis schlussendlech jidderee säi Stull fonnt hat.

Ee vun de Favoritten op den Titel konnt leider net um Iessen deelhuelen. D'Grënn dofir si bis haut nach ëmmer ongekläert. D'Experten si sech och net eens op dat een Ausschlosskrittär fir den Titel ass? Oder sinn et sou guer plus Punkte bruecht huet? Kloer ass just dass hien de vollste Mann war.

Fir d'Lëscht vun den Éieregäscht nach ze erweideren ass wärend dem Dessert nach den OB vun Heidelberg dobäi gestouss. No dem Iessen huet den OB dunn e puer wieder un d'REELaner geriicht fir eis och offiziell zu Heidelberg ze begréissen. Do war och de Moment fir déi traditionell Gruppefotoe vun der REEL.

De Guillaume misst sech dunn nees vun eis verabschiden, esou dass mir him fir Äddi ze soen, nach eng Kéier gesongen hunn. Dës Kéier kee Wilhelmus, mee ee Lidd wat extra zu sengen Éieregedicht gouf. An dunn ass et och fir eis Zeréck an d'Frauenbad gaange well et war Zäit vir eis Table-ronde. Hei gouf sech hunn nach eng Kéier dem Thema vun de Moien ugeholl. Ob et sech bäi der Table-ronde em eng Diskussioun gehandelt huet ass net einfach fest ze stellen. Et ass awer net nëmmen dem Public schwéiergefall der Diskussioun ze follegen. A wéi kann et anescht sinn? Du war nees Zäit fir een Éierewäin! An Tëschenzäit gouf de Sall schonn ëmgebaut, esou dass mir och do zesummen iesse konnten.

Hei war d'Sëtzuerdnung manner komplizéiert, an awer huet dat en fir deen een oder aneren et net méi einfach gemaach déi richteg Plaz ze fannen. Wärend dem Iesse gouf laang drop hi geféiwert, well du gouf nees gesongen. Dës Kéier ass nees den Dësch an d'Luucht gehuewe ginn. Dat huet virun allem den Invitéen eng Grouss freet bereet. Dono misste mir eis nach eng Kéier kuerz gedëllegen, well dunn ass de Sall preparéiert gi fir och de Politeschen Dag ofschléissen ze kennen. Kuerz éier et du mat der Soirée lass gaangen ass, huet den Här Minister Engel awer nach misse beweisen, dass hien och als Sportminister iwwerzeege kann. Dono hu mir gutt gefeiert. Och d'Fotobox huet net gefeelt. Fir déi wou et esou lang gepackt hunn ass et dunn nach bis 4 Auer moies gaangen.

Mëttlerweil hat sech ënnert de REELaner d'Gerücht verbreet, dass sech de Bus och gutt fir ze schlofen eegent, esou dass deen Owend eng weider Persoun dat teste wollt. Zum Onverständnis vun den anere REELaner gouf och dëst Selbstexperiment erfollegräich ofgeschloss. Fir des Ustrengunge goufen dofir dunn och weider Punkte fir de wichtegen Titel verdeelt.

No ville kuerzen Nuechten si hu mir du gemittlech an de Sonnde gestart. Dofir stoung Brunchen um Programm. Hei war de Choix um Buffet war hei bal esou laang wéi d'Rei, mee waarden huet sech gelount. Nom Brunch war et dunn Zäit fir eng lescht Aktivitéit. Um Programm stoung Piscine, Musée zu Sinsheim oder eng Féierung duerch Brauerei. An der Piscine hunn esou muncher hier An zougehalen, well se vu Spanne gefaart hunn. An der Brauerei sinn d'Jongen an och d' Meedercher och op hier kaschte komm. Nieft enger Béierdegustatioun, huet jiddereen erstaunlech vill iwwer Zoosse vun der Moutarderie de Luxembourg geléiert. Do gouf dunn och fläisseg matgeschriwwe fir esou vill wéi méiglech aus der Brauerei mat ze huelen. Ausserdeem hunn d'Ancienen nach ausgeräiften eng Flug-Show zum beschte ginn. An do mierkt een dass een dofir eng gewëssen Erfarung brauch.

No de verschiddenen Aktivitéite sinn dunn d'REELaner nach eng leschte Kéier all zesumme komm fir hir Verstäerkung fir am Bus ofzehuelen. Hei war och dunn de Punkt fir nach puer Mercie lass ze ginn. Fir eis Kandidate vum Concours war et och de Moment wou si déi ganz REEL hi geschafft hunn, et konnt nëmmen ee ginn a Jiddereen hat säi Favorit! Um Schluss war et „weil(d)er“ Player, dee bis dohinner net jiddereen um Schierm hat. Dësen huet awer esou iwwerzeegt, esou dass hie sech net nëmmen Ee, mee bal zwee Titele sécher konnt. Esou ass dunn och ee spannende Concours op een en gaangen.

D'REEL war hei awer nach net ganz eriwwer. De Sam war déi vergaangen Deeg oft opgefuerdert ginn ënner Beweis ze stellen, dass hien den Titel vum President mat éieren Droe kann. Um Schluss huet hien dat awer mat Bravour gemaach, dat awer net ouni all den anere President:innen och d'Geleeënheet ze ginn dëst ze maachen. Duerno war et awer dunn esou wäit an et ass fir déi meescht nees zeréck op Lëtzebuerg gaangen. Et gouf sech nach eng kéier gedréckt a fir déi meescht war et kloer, dat heite war net déi leschte REEL wou si zesumme verbruecht hunn.

Op dëser Plaz ass dann och de Moment komm wou mir als ACEL dem REEL s Comité villmools Merci soen, dass si sech der Aufgab gestallt hunn an eis an de REELaaner wonnerschéi 4 Deeg a gudder Ambiance erméiglech hunn. Ech hoffen dass dëst net déi lescht REEL zu Karlsruhe war an dass mir op déi nächst REEL zu Heidelberg keng 100 Joer méi waarde mussen.











BOFFERDING


Damen-Herren
WC
WC-BOX
PLUS ROLLI


Adapto
Aelk


Student fir 1
Dag mam CELB




Luxair






Soirées



ACEL
de Studentevertrieder